

# DEN EUROPAROT
## WIECHTER VUN DE MËNSCHERECHTER

IWWERSIICHT

COUNCIL OF EUROPE
CONSEIL DE L'EUROPE




## MEMBERSTAATEN

Albanien, Andorra, Armenien, Aserbaidjan, Belsch, Bosnien-Herzegowina, Bulgarien, Däitschland, Dänemark, Éisträich, Estland, Finnland, Frankräich, Georgien, Griichenland, Holland, Irland, Island, Italien, Kroatien, Lettland, Lëtzebuerg, Liechtenstein, Litauen, Malta, Monaco, Montenegro, Nordmazedonien, Norwegen, Polen, Portugal, Republik Moldawien, Rumänien, Vereenegt Kinnekräich, San Marino, Schwäiz, Schweden, Serbien, Slowakesch Republik, Slowenien, Spuenien, Tschechien, Tierkei, Ukrain, Ungarn, Zypern.

## BEOBACHTERSTAATEN

Hellege Stull, Japan, Kanada, Mexiko, Vereenegt Staate vun Amerika.

## SËTZ A BÜROEN

Den Europarot huet säi Sëtz a Frankräich, zu Stroossbuerg. Hie beschäftegt 2 300 Mataarbechter an ëmfaasst Aussen- a Verbindungsbüroen mat aneren internationalen Organisatiounen. Déi europäesch Jugendzentren zu Stroossbuerg a Budapest proposéiere Formatioune fir Jugendlecher zu Theme ronderëm Demokratie a Mënscherechter.

## BUDGET

De Gesamtbudget vum Europarot fir 2024 beleeft sech op 624,6 Millioune Euro a gëtt haaptsächlech vun de Memberstaate finanzéiert.



# EUROPAROT



**Alain Berset**
*Generalsekretär*

**Den Europarot ass déi wichtegst Mënscherechtsorganisatioun vum Kontinent.** Hien ëmfaasst 46 Memberstaaten, dorënner sämtlech Memberstaate vun der europäescher Unioun.
All d'Memberstaate vum Europarot hunn déi europäesch Konventioun vun de Mënscherechter ënnerschriwwen, en Traité fir de Schutz vun de Mënscherechter, der Demokratie an dem Rechtsstaat.

Den Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter iwwerwaacht d'Ëmsetzung vun der Konventioun an de Memberstaaten. Privatpersoune kënne beim Geriichtshaff zu Stroossbuerg eng Plainte wéinst Verletzung vun de Mënscherechter areechen, wa sämtlech rechtlech Instanzen am betraffene Memberstaat opgebraucht goufen.

D'Europäesch Unioun wäert deemnächst déi europäesch Konventioun vun de Mënscherechter ënnerzeechnen, wouduerch e gemeinsamen europäesche Rechtsraum fir iwwer 700 Millioune Bierger geschaf gëtt.



# VERDEEDEGUNG VUN DEMËNSCHERECHTER

Den Europarot setzt sech fir d'Meenungsfräiheet, d'Fräiheet vun de Medien, d'Versammlungsfräiheet, d'Gläichstellung an de Schutz vu Minoritéiten an. De Rot huet verschidde Campagnen zu Theme wéi dem Schutz vun de Kanner, Haassrieden am Internet an d'Rechter vun de Roma, der gréisster Minoritéit an Europa, lancéiert.

Den Europarot ënnerstëtzt d'Memberstaaten am Kampf géint d'Korruptioun an den Terrorismus, esouwéi an der Duerchféierung vun den néidege Justizreformen. Seng Grupp vu Verfassungsexperten, déi och nach als Venedeg-Kommissioun bekannt ass, bitt Länner op der ganzer Welt Rechtsbäistand un.

Duerch international Konventiounen, wéi d'Konventioun vum Europarot iwwer d'Preventioun an de Kampf géint Gewalt u Fraen an haislech Gewalt, oder d'Konventioun iwwer d'Cyberkriminalitéit, setzt den Europarot sech fir d'Férderung vun de Mënscherechter an. De Rot verfollegt och d'Fortschrëtter vun de Memberstaaten an dëse Beräicher a kann duerch seng spezialiséiert an onofhängeg Kontrollorganer

A kengem Memberstaat vum Europarot gëllt d'Doudesstrof.







# GLOBAL ZESUMMENAARBECHT

**Kontrollorganer**

- Grupp vu Staate géint d'Korruptioun (GRECO)
- Europäesche Kommitee fir d'Preventioun vu Folter a vun onmënschlechen oder diskriminéierende Behandlungen oder Strofen (CPT)
- Expertegrupp fir d'Bekämpfung vum Mënschenhandel (GRETA)
- Europäesch Kommissioun fir d'Efficacitéit vun der Justiz (CEPEJ)
- Expertekommitee zur Bewäertung vun de Moossname fir d'Geldwäschbekämpfung an d'Finanzéierung vum Terrorismus (MONEYVAL)
- Europäesch Kommissioun géint Rassismus an Intoleranz (ECRI)
- Europäesche Kommitee fir sozial Rechter (CEDS)
- Consultativ Kommissioun fir d'Kaderkonventioun fir de Schutz vun den nationale Minoritéiten
- Expertekommissioun vun der europäescher Charta fir Regional- oder Minoritéitesproochen

Den Europarot ass e wichtege Partner vun der europäescher Unioun a schafft mat der Organisatioun vun de Vereenten Natiounen, der Organisatioun fir d'Sécherheet an d'Zesummenaarbecht an Europa a mat ville Partnerlänner am direkten Ëmfeld a weltwäit zesummen.

Esou huet déi europäesch Direktioun fir d'Qualitéit vun de Medikamenter an der Gesondheetsversuergung, déi eng Schlësselroll am Kampf géint gefälschte medezinesch Produite spillt, Verträg mat Brasilien, China, Südafrika an den USA geschloss.




# FONCTIONNEMENT

Nieft dem europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter ëmfaasst den Europarot verschidden aner Institutiounen.

- D'Generalsekretärin leed a vertrëtt den Europarot.
- De Comité vun de Ministeren, deen aus den Ausseminister vun de Memberstaaten an hire Vertrieder besteet, ass dat Haaptentscheedungsorgan.
- An der parlamentarescher Assemblée si 612 Parlamentarier aus de 46 Memberstaaten; si wielt de Generalsekretär, de Kommissär fir Mënscherechter an d'Riichter vum europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter; si bitt en demokratesche Forum fir Debatten an ass Beobachter bei de Walen; hir Kommissioune spillen eng wichteg Roll beim Iwwerpréiwe vun Aktualitéitssujeten.
- De Kommissär fir Mënscherechter beschäftegt sech onofhängeg mat Verletzunge vun de Mënscherechter a mécht dorobber opmierksam.
- De Kongress vun de Gemengen a Regiounen ass fir d'Stäerkung vun der lokaler a regionaler Demokratie zoustänneg. Hie besteet aus 612 gewielte Vertrieder, déi iwwer 150.000 lokal a regional Autoritéite representéieren.
- D'Konferenz vun den internationalen net-staatlechen Organisatioune vertrëtt d'Zivilgesellschaft an engagéiert sech fir déi participativ Demokratie.



LTZ

Avenue de l'Europe • 67075 Strasbourg • FRANCE

Weider Informatioune fannt Dir op
**www.coe.int**

Verlag Europarot book.coe.int
**book.coe.int**

Dokumentatioun an Online-Quellen
**edoc.coe.int**

PREMS 116524 • 2024 © Council of Europe •
Photo credit : Council of Europe / Shutterstock • Graphic design: Les Explorateurs

Published by the Directorate of Communications